# Home : Baue, renovéieren a Verwalten

D'Guiden a Scoute sinn nët ëmmer **Propriétaire** vun «hirem» Home. Dachs sinn et d'Gemenge, de Staat oder de Bistum dene d'Gebaier geheiere an di sech ëm d'Baue, d'Embaue oder den Ënnerhalt këmmere. Onofhängeg vun de Propriétéitsverhältnisser gin d'Guiden a Scouten an der Regel ower am Viraus gelauschtert wann se hir Ulaiesse fir d'Architektur oder d'raimlech Notzung virstelle fir sech henno am Chalet gudd eremzefanne.

En anere nët onwesentleche Punkt ass, datt d'**ökologesch Bauberodung** sech an der läschter Zäit enorm entwéckelt huet an datt et ganz vill professionnel Ulafplaze gin fir nohaltegt Bauen a Wunne. Staatlech, kommunal a privat Institutioune grad esouwéi Buttéker an Architeke beroden am Détail an um néitste Stand vun der Fuerschung.

Ais geet et drëms fir op baulech a verwaltungstechnesch **Praxisen hinzeweise di ganz wichteg sinn fir e Scoutshome**, onofhängeg vun de Propriétéitsverhältnisser.

Zum éischte geet et em d'**Erkënnbarkeet an d'Onverwiesselbarkeet vun engem Home**: d'ass „aisen Home". A ville Guiden- a Scoutschalete hänkt vill Haerzbludd vu Generatioune vun Chaletséquipe un „hirem" Gebai, besonnech dann wann se och nach Propriétaire sinn. Generell zielt eng al Fauschtregel aus der Humanökologie „Bewährtes bewahren" (Bernd Lötsch, Uni Wien). Dat wat net mi geet soll een ersetze, dat wat gudd fonktionnéiert soll een um Liewen hale, sief dat Technik oder Gewunnechten. Esou ënnerstetzt ee Verännerungsprozesser di sech an d'Längt zéie; physesch Emännerunge vun engem Home hun esou Zäit fir datt d'Léit sech lues a lues dru gewinne. D'Architektur vu ville Scoutsgebaier weisen heinsdo eng progressiv , mee meechtens eng lues Verännerung am Géigesaatz zu Architekturapproche'e wou fir maximal 30 Joër gebaut get éier dann nees ofgerappt get.

Generell zielt beim „Bauen a Wunne" de grousse Prinzip fir en ze ausgeprägte Materialmix ze verhënnere. All héig entwéckelte Materialmix heecht henno och e komplexe Recyclingsopwand.

Dat anert ass de Phanomän vun der **„Akkaparatioun" vu Raimlechkeete** di dachs kurzlieweg, respektiv kurzfristeg ass an e momentane besonneche Erkennungs- an Identifikatiounscharakter opwaist: am Duurchschnett dauren d'Scoutsbranche, mat Ausnahm vun der Route, 3 Joër. Hei ginn et entwécklungspsychologesch Etape déi och hir Auswiirkunge an d' „Bauen a Wunnen" hun. Wann ergonomesch geformte Still an Dëscher bei de Biber a bei de Wëllef dachs Miwwel sinn déi ee laang an engem „Versammlungssall" hale kann - deelwais ass dëst och nach fir d'AvEx wouer -, dann kënnt spéitstens bei de CaraPio an de RaRo de Wonsch fir eng „eege Bud" ze gestalte a fir die och an ëmmer mi kuurzen Intervalle unzepasse. Still an Dëscher gin op e Minimum reduzéiert an amplaz komme Fautelle, Couche ronderem e selwergematene Dësch; dëst ass eng Form vun Identifizéirung, och vun Upcycling, et hale Léit op, et komme néier bei . Selwer gebaute Still, e selwer ageriichtene Branchesall, e Refuge mat dem sech de RaRo-Clan oder d'Albatrosse-Hickecht identifizéiert halen eng Zäit éier se nees verännert gin. Raim di vun Guilden an Amicale akaparéiert sinn, gin nees mi laangfristeg ugeluecht mat Archive, Bureau a mi traditionnelle Versammlungsstrukture.

Dës entwécklungspsychologesch a –pädagogesch Iwwerléeunge dierf ee beim Gestalte a Verwalte net vergiessen och wann se **dachs erreicht op den zweete Bléck déifgraifend nohalteg Charakterzich** hun an et darwaert sinn ze ënnerstetzen fir eng gudd Gruppecohésioun.


> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu



*Home : Baue, renovéieren a Verwalten, Editioun vum 18. September 2021*